# TABLE DES MATIÈRES


INTRODUKTIOUN .................................................. S. 4-6

PREVENTIOUN A SENSIBILISÉIERUNG............. S. 7-11

ËMWELT A PROPRETÉIT .....................................S. 12-16

GESTALTUNG VUM ËFFENTLECHEM RAUM ......S. 17-21


MOBILITÉIT AN TRANSPORT .......................... S. 22-25

FRÄIZÄIT A KULTUR ......................................... S. 26-28




# BRILL

## MÄI QUARTIER



# INTRODUKTIOUN

## Design for Change am Quartier Brill zu Esch-Uelzecht

Am Juli 2022 huet d'Stad Esch e Groupe de pilotage fir d'Entwécklung vun enger Bildungslandschaft an d'Liewe geruff. D'Ziel vun dëser Initiativ ass et, déi jeeweileg Acteuren aus dem Secteur vun der Educatioun an d'Bierger aus dem Quartier Brill zesummen op en Dëch ze bréngen, fir sou d'Betreiung, d'Wuelbefannen an d' positiv Entwécklung vun de Kanner am Quartier ze stäerken.

Am Zäitraum vun November 2022 bis Januar 2023, hu siwe Klassen aus der Ecole Fondamental Brill grad sou wéi zwou Gruppen aus de Maison Relaise Brill 1 an 2 un „Design of Change"-Workshops deel geholl. An enger éischter Phas, hunn d'Kanner zesumme mat den Organisateuren de Quartier méi genee ënnert d'Lupp geholl an hunn hinnen, am Kader vun engem Trëppeltour, de Quartier aus hirer Vue gewisen. An enger zweeter Phas hunn déi ronn 140 Kanner, 2 Wochen u participative Workshops deelgeholl fir hier Impressiounen, Iwwerleeungen a Visiounen auszeschaffen a virzestellen. Entstanen ass „Ideas of Change", eng Dokumentatioun vun de Besoinen, de Wënsch an de Erausfuerderungen déi den Developpement vum Quartier, de Schoulen an de Maison Relaise viséiert.

## Entdeckungstier zesumme mat de Kanner

Déi éischt Phas vum Projet, d'Decouverte vum Quartier Brill duerch d'Ae vun de Kanner, ass duerch e klengen Exercice encadréiert ginn: D'Organisateuren hunn de Rôle vun den Touristen ageholl an d'Kanner hunn d'Touristen duerch de Quartier als Guide gefouert.

Fir hinnen hier wichteg Aufgab ze vereinfachen, hunn d'Organisateuren zwou Methode proposéiert. Eng Method, déi vun der „Read the Citiy", huet Kanner mat follgende Froen ënnerstëtzt :

- Wat gesinn ech?
- Wat héieren ech?
- Wat richen ech?
- Wat fillen ech?

An engem zweete Schratt konnten d'Kanner sech mat der Stickermethod ausernee setzen. Nom Trëppeltour sinn d'Gruppen zréck an de Pop-Up Esch gaangen, wou d'Kanner eng Kaart erstallt hunn, wou se mat Stickeren déi wichtegst Plaze markéiert hunn an sou eng „Emotiounskaart" vum Quartier Brill entstanen ass.

## *Définition Paysage éducatif*

*« Dans un paysage éducatif, toutes les personnes et les institutions chargées d'encourager, d'encadrer ou d'accompagner un enfant ou un jeune travaillent ensemble. Elles partagent leurs informations, planifient de nouvelles offres et coopèrent de manière systématique.*

*Le but est d'encourager au mieux tous les enfants et les jeunes, de leur offrir une chance équitable d'acquérir une formation solide et de développer les compétences grâce auxquelles ils peuvent participer à la construction d'une société durable. »*

*Éducation21*

## Méi breet definéiert

An enger Bildungslandschaft kommen all eenzel Acteure ronderëm Kanner a Jugendlecher beieneen a schaffe schaffen zesummen op hiren Zieler. Déi Synergien entspriechen den

neisten Erkenntnisser aus den Erzéiungswëssenschaften déi kloer weisen, dass déi formal Bildung eleng, net méi duer geet fir d'Kanner a Jugendlecher op d'Erausfuerderunge vum 21 Joerhonnert virzebereeden. D'Formal Bildung brauch de Support aus der non-formaler, informeller an der fräier Bildung.

« De telles “alliances” dépassent la simple coordination entre des partenaires institutionnels et reflètent un concept de politique de l'enfance, de la jeunesse et de l'éducation. Si de nombreux acteurs s'occupent de l'encadrement, de l'éducation et de la formation des enfants, leur mise en réseau active et structurée devrait permettre d'améliorer les conditions et opportunités d'éducation. »

(ONQS 2022)




FOUNDATION
Bildung brauch d'Gesellschaft

# 1
# PREVENTIOUN A SENSIBILISÉIERUNG



# E SÉCHERE QUARTIER:

## HIN ZU MÉI BIERGERBEWOSSTSINN AN ENGEM HARMONESCHEN ZESUMMEN-LIEWEN

## D'KANNER HUNN D'WUERT

**FESTELLUNG:** D'Kanner manifestéieren hier **Bedenke** par Rapport zu hirem Wuelbefannen am Quartier Brill. Se fillen sech oft net wuel, wa si, besonnesch op der Brillplaz a virunde Maison Relaisen, Persoune begéinen, déi si net kennen, déi **Alkohol** konsuméieren an dobäi **fëmmen**. Doriwwer eraus, soen d'Kanner, dass an der **Schoul** ënnerteneen eng **konfliktgelueden Atmosphär** ass.

**SUGGESTIOUNEN:** Aus de Workshoppe si kloer Recommandatiounen entstanen: Installéiert eng 360-Grad **Kamera** an der Mëtt vun der Brillplaz fir eng **Surveillance** ze garantéieren. Weider gëtt recommandéiert **faarweg Stroosseluuchten** ze installéieren, fir nach däischter Stroossen besser ze beliichten. D'Kanner proposéieren och, e Kommissariat op der Brillplaz ze installéieren, fir eng schnell Reaktioun ze garantéieren. D'Iddi, d'**Präsenz vun de Streetworker** ze erhéijen ass och genannt ginn, fir sou de Quartier berouegen ze kënnen. Fir op d'Konflikter an der Schoul ze reagéieren, proposéieren d'Kanner e **„Mister Solution"**, e Mediateur, deem seng Roll se ganz detailléiert beschriwwen hunn.

# OBJEKTIV

## D'WUELBEFANNE VUN DE KANNER GARANTÉIEREN:

- Gemeinsaamt Bewosstsinn ënnerstëtzen
- Konkret Sanktioune verabschiden
- Artistesch Initiative mat abezéien an e Kader dofir schaafen

# GEPLANGTEN / BESTOEND INITIATIVEN

De **Plan Local de Sécurité 2023-2027** (PLS 2023-2027) vun der Stad Esch hält Haut scho verschidde Mesure prett fir d'Sécherheet am Stadzentrum ze renforcéieren. Eng vun dëse Mesuren ass d'**Installatioun vu Sécherheetskameraen** op strategesch wichtege Punkten, ënnerstëtzt duerch eng **besser Beliichtung am ëffentleche Raum**. Parallel huet Stad als Reaktioun op d'Gesetz vum 27 Juli 2022 d'Kompetenze vun den Agents Municipaux erweidert an duerch d'Upassung vum „Règlement de police administrative générale" **nei Sanktiounen** agefouert. Doriwwer raus gesäit de lokale Mobilitéitsplang 2035 laangfristeg vir, den Trafic vun den Autoen ze reguléieren, dat duerch d'**Späre** vu bestëmmte **Foussgängerzone** fir Autoen, mam Ziel d'Verkéierssituatioun fir jiddereen ze sécheren.




# ERWEIDERTEN HORIZONT:

## AKTIOUNE FIR UNZEPAKEN

### ENG AFFICHE „MIR SPILLEN HEI" KREÉIEREN

Panneauen mat der Opschrëft „MIR SPILLEN HEI", déi d'Kanner selwer designen, op der Place de la Résistance opriichten, mam But d'Passanten op d'Präsenz vun de Kanner opmierksam ze maachen. Dës strategesch placéiert Panneauen, sollen d'Sécherheet vun de Jonke garantéieren.

### E MEDIATEUR AM SEIN VUN DER BRILL SCHOUL ENGAGÉIEREN

De Poste vum Médiateur gett am Sein vun der Brillschoul kreéiert. Dëse Mediteur spillt eng vital Roll an der Konfliktéisung tëscht de

Kanner. Säin Objectif ass et d'Kommunikatioun ze z'erliichteren, den Dialog als Mëttel ze encouragéieren ewéi och friddlech Solutiounen ze fannen.

## PRÄSENZ VUN DE STREETWORKER ERHÉIGEN

Et ass virgesinn dat de Service Streetworker sech op verschiddene Klassen an der Brillschoul virstellt. D'Ziel ass et de Kanner d'Aarbecht ewéi och d'Wichtegkeet vun de Streetworker ze erklären. Dës Demarche viséiert déi Jonk op hier Roll ze sensibiliséieren a gläichzäiteg och  Vertrauen opzebauen. Fir d'Efficacitéit vum Service ze assuréiere gëtt eng Reevaluatioun vum Concept ënnerholl, fir Besoine vun der Escher Bevëlkerung optimal ofzedecken a schnell kënne ze reagéieren.



# 2
# ËMWELT A PROPRETÉIT



# EN ENGAGÉIERTE QUARTIER:

## HIN ZU ENGER KOLLEKTIVER VERANTWORTUNG AN ENGER DYNAMESCHER REVITALISÉIERUNG

## D'KANNER HUNN D'WUERT

**FESTELLUNG:** D'Kanner hiewen hir **Bedenken iwwert d'Propretéit** vun der Place de la Résistance an der Ëmgéigend ervir. Si stelle fest, dass op dëse Plazen oft **vill Dreck** an Offäll leien. D'ëffentlech Bänken , déi op der Brillplaz stinn, sinn dacks net zougänglech, well se duerch ze vill Dreck blockéiert ginn.

**SUGGESTIOUNEN:** An den Ateliere sinn eng Rei effizient Léisunge fonnt ginn; d'Zuel vun den **Tutespender fir Hondsbesëtzer** erhéijen a méi Dreckskëschten am Quartier installéieren. Op eng kreativ Aart a Weis, hunn d'Kanner eng **transparent Dreckskëscht** entworf, mam But d'Passanten op **d'Quantitéit** vun de gefëmmten **Zigaretten opmierksam** ze maachen an esou d'Leit op déi schiedlech Konsequenze vun hirem Verhalen hinzeweisen. De Kanner hire Wonsch no engem méi **gréngem Liewensraum** weist sech och andeems si méi e gesond an en agreabelt Ëmfeld fir jidderee fuerderen.

# OBJEKTIV:
# OP D'PROPRETÉIT OPPASEN

- D'Populatioun sensibiliséieren
- D'Bierger responsabiliséieren
- De Quartier ërem ze revitaliséieren

# GEPLANGTEN / BESTOEND INITIATIVEN

D'Servicer vum "Espaces verts" a "Proximité" vun der Stad Esch garantéieren de **reegelméissegen Entretien** vun den ëffentleche Plazen, wärend dat neit „Règlement de police administrative générale" konkret **Sanktioune géint Hondsdreck** virgesäit. Och huet Stad Esch sech wärend dem Park(ing)day an der Mobilitéitswoch engagéiert, dräi Parkplazen an en temporäre Gaart ëmzewandelen, fir **nohalteg d'Liewensqualitéit** vun den Awunner ze verbesseren.



# ZUKUNFTSVISIOUN:

# KONKRET AKTIOUNEN

## D'ZUEL VUN DEN DRECKSKËSCHTEN OP DER BRILLPLAZ ERHÉIJEN

D'Zuel vun den Dreckskëschten evaluéieren an dem Besoin no d'Zuel rektifizéieren. Domadder stellt ee sécher datt, déi néideg Unzuel vun Dreckskëschten do sinn an, dass si och richteg iwwert dem Territoire vum Quartier verdeelt sinn. Parallel dozou, kann een och feststelle wou dee meeschten Dreck am Quartier verdeelt ass, an deemno dann och do d'Zuel vun den Dreckskëschten erhéijen.

## TRANSPARENT POUBELLEN OPSTELLEN FIR D'SENSIBILISÉIEREUNG VUN DER POPULATIOUN IWWERT DE KONSUM VUN DEN ZIGARETTEN

Iwwert en definéierten Zäitraum transparent Poubellen opstellen, fir esou d'Quantitéit vu konsuméierten Zigarette visibel zemaachen. Esou kann d'Populatioun dann och selwer de Schued fir d'Ëmwelt, den duerch hiert Verhalen entsteet, feststellen. An dem Sënn, kéint een dann och eng kollektiv Botzaktioun vum Quartier organiséieren.

## EN EVENEMENT „ZESUMME BOTZEN“ ORGANISÉIEREN

D’Engagement fir d’Propretéit stäerken an d’Ëmwelt verbesseren duerch gemeinsam Aktiounen. D’Groussbotz déi all Joer stattfënnt, soll duerch d’Participatioun vu Schoulklassen an de Maison Relaise verstäerkt ginn. D’Groussbotz gëtt sou eng gemeinsamer Initiativ, déi d’Bewosstsi fir Verantwortung vun enger propperer Ëmwelt bei de Jonken a Kanner encouragéiert.

## ERHÉIJUNG VUN DE GRÉNGFLÄCHEN AN DER UELZECHTSTROOSS

Eng Uelzechtstrooss mat méi Gréngflächen, flotte Sëtzbänken a Poubellen déi d’Mülltrennung méi einfach maachen an sech an d’Gesamtbild afügen.

# 3
# GESTALTUNG VUM ËFFENTLECHEM RAUM



# EN TRANSFORMÉIERTE QUARTIER:

## HIN ZU ENGEM UNZÉIENDEN AN OPTIMÉIERTEN ËFFENTLECHE RAUM

## D'KANNER HUNN D'WUERT

**FESTELLUNG:** D'Kanner maachen drop opmierksam, dass an hirem **Schoulhaff** nach eng Rei Saachen ze verbessere sinn. Éischtens ass de Raum fir ze spillen **net genuch ausgebaut**. **D'Situatioun verschlechtert** sech nach wieder am Reen, well **net genuch Plazen iwwerdaacht** sinn.
Doriwwer raus fannen d'**Meedercher**, dass, virun allem fir si, **passend Spiller feelen**.

**SUGGESTIOUNEN:** Fir d'Situatioun am Reen ze verbesseren, schloen d'Kanner verschidden innovativ Léisunge vir. Eng Iddi fir sech ze schütze, wier de **Bau vun engem Preau**, deen ee kéint mat faarwegem Graffiti dekoréieren. Fir d'Iwwerschwämmungen ze vermeiden hunn d'Kanner sech geduecht verschidde **Planzen** ze setzen.
Fir d'Auswiel vun den Aktivitéiten ze verbesseren, **si Klettergerüster, am Haische sprangen an nach aner Spiller** proposéiert ginn. Domat soll garantéiert ginn, dass fir all Kand, sief et Meedchen oder Jong, eppes wärend der Paus ze fannen ass.

## OBJEKTIV

# OPTIMISÉIERUNG VUM ËFFENTLECHE RAUM

- Den ëffentleche Raum méi funktional gestalten
- Den ëffentleche Raum méi attraktiv maachen



# VERSTÄERKT PERSPEKTIVEN :
# GRÄIFBAR AKTIOUNEN

## GRATIS ËFFENTLECH TOILETTEN

Fir de Besoinen vun de Bierger a Besicher vum Quartier Brill entgéint ze kommen, muss eng strategesch an adequat Plaz fir d'Toilette fonnt ginn. Wou et méiglech ass all Infrastrukturbedierfnesser, fir Barrierefräiheet, Sécherheet a Stabilitéit, gerecht ze ginn. Gläichzäiteg ginn sech och nach Gedanke gemaach wéi een dës Infrastrukture gratis zur Verfügung stelle kann.

## NEI SPILLPLAZE SCHAFEN

Et besteet e Bedarf fir méi Spillberäicher fir Kanner ze schafen. Et gi verschidde Plaze wou dat méiglech wier, wéi ënnert dem Viaduc, der Place de la Résistance oder och hannert der grenzer Kierch. An dësem Interessi gëtt eng Aarbechtsgrupp geschaf fir de Bau vun enger weiderer Spillplaz. Anhand vun den Iddien a Virschléi vun de Bierger, Elteren, Grousselteren a Kanner soll eng Plaz entstoen déi d'Besoinen vun der ganzer Gemeinschaft ofdeckt. Ausserdem soll de Schoulhaff vun der Brillschoul och ausserhalb de Scholzäite fir d'Allgemengheet opbleiwen, fir dass Kanner zwëschen 6 an 12 Joer nach eng wieder Plaz hunn, fir sech opzehalen.

## MOBIL SPILLPLAZEN OPRIICHTEN

De Raum duerch mobil Spillplaze méi dynamsech gestalten duerch Investissementer an nei mobilt Material déi eng efficace a schnell Amenagéierung vu Plazen erméiglechen. Fir d'Sécherheet ze garantéiere gi Mesure geholl fir déi betraffe Beräicher fir den Trafic ze spären, wat den Automobilisten am Viraus matgedeelt gëtt. Promotioun vun dëser Aktioun soll dozou féieren, d'Kanner mat hire Famillen op d'Plazen ze kréien an zu engem conviviale Moment féieren.

# DE SCHOULHAFF VUN DER BRILLSCHOUL RENOVÉIEREN

De Schoulhaff vun der Brillschoul zesummen mat der ganzer Schoulgemeinschaft an hiren Aviser ze revitaliséieren. A Form vun Aarbechtsgruppen, déi déi relevansten Elementer iwwerpréift sollen d'Iddien ausgeschafft ginn. Soubaal den Entworf fäerdeg ass, gëtt eng Aschätzung vum Budget gemach, fir ze garantéieren, dass d'Renovatioun ka réaliséiert ginn. Mat engem kloere Budget ginn déi néideg Schrëtt fir eng adaptéiert Revitaliséierung vum Schoulhaff vun der Brill schoul ënnerholl.



# 4
# MOBILITÉIT AN TRANSPORT



# E ROUEGE QUARTIER :

## FIR E QUARTIER MAT MÉI LIEWENS-QUALITÉIT

## D'KANNER HUNN D'WUERT

**FESTELLUNG:** D'Kanner hu festgehalen, datt ze **vill Verkéier** am Stadzentrum ass, an datt vill Chauffeure sech net un d'**Vitesslimitten** halen. Dës Situatioun stellt eng **Gefor** fir déi ganz Escher Bierger duer.

**SUGGESTIOUNEN:** D'Virschléi si kloer virgedroe ginn: **zwee nei Parkhaiser ausserhalb vum Quartier**. Dat eent Parkhaus soll an d'Héicht gebaut ginn, an dat anert soll eng Wäschstatioun an e Kino kommen, wou d'Kanner sech amuséiere kënne wärend hir Elteren akafe ginn. D'Kanner hunn och virgeschloen, **en elektresche Minibus anzesetzen,** fir d'Leit vum Parking aus an de Quartier ze bréngen. Si hätten och gäre **méi Foussgängerzonen**, a wëllen esou d'Zuel vun den Autoe reduzéieren. Esou kéint och e méi séchere Spillraum fir di Jonk geschafe ginn.

## OBJEKTIV:

## ENG DOUCE MOBILITÉIT

- Réduktioun vun Autoen am Stadkär
- Erhéijung vun der Zuel vun de Foussgängerzonen
- Bau vu Parkhaiser ausserhalb vum Quartier

# GEPLANGTEN / BESTOEND INITIATIVEN

Den **nationale Mobilitéitsplang 2032** (PNM2035) an de **lokale Mobilitéitsplang 2035** plangen d'N4-Nationalstrooss duerch d'Verbindung „Micheville" z'entlaaschten, an en Deel vum Boulevard Prince Henri an eng **" Meeting Zone" fir Bussen a Vëloen** ëmzewandelen. P&R, wéi „Um Monkeler" , sinn um Stadrand geplangt mat Navetten an den Zentrum. De **lokale Sécherheetsplang 2023-2027** suergt nieft Stroossekontrolle vun der Police Grand-Ducale, eng verstäerkt **Iwwerwaachung** vun de beliefte Gebidder, besonnesch de **Foussgängerzone** a groussen Zesummelafpunkten. Nom Feedback vun de Bierger huet de Schäfferot d'Vëloen a Scooteren an de Foussgängerzonen verbueden, a géint Net-Anhale vun dëser Mesure, decidéiert d'Kontrollen ze verstäerken. Gläichzäiteg huet de Buergermeeschter a Schäffenrot de Projet **„Séchere Schoulwee"**.virgestallt, deen d'Schüler um Wee an d'Schoul soll schützen, duerch eng Upassung vun de Reglementer an de Stroosseninfrastrukturen.


De Quartier
BRILL ass fir
mech:
Spielplatz ist cool
Schöne und cool
Es ist schön
Es ist schön
Trop de bruit!
COOL
Bon Kebab
Es gibt Gangsta
Schön und COOL
IST Köll nist
traurig
weil die menschen Böse sind
Bank
Normo
Brill as MUE
Brill is on fire
weil es hat ein Park
Brill
Es ist nicht gut weil es drogen und Zigaretten gibt.
Aber ist schön
Ich gerne
Brill cool
Cool school
Cool
Meine Haus ist in Brill
De Brille2 as cool
De Brille as cool
Jeunesse
cool
Top

# 5
# FRÄIZÄIT A KULTUR



# EN ANIMÉIERTE QUARTIER :

## FIR D'PROMOTIOUN VU KULTUR A SPORT

## D'ELTEREN HUNN D'WUERT

**FESTELLUNG:** Bei engem organiséierten Tréppeltour am Quartier hunn d'Elteren hier Feststellungen a Wënsch par Rapport zur **lokaler Offer am Beräich Kultur a Sport** geäussert. Aus hieren Äntwerten kristalliséiert sech de **kloren Wonsch** eraus déi **aktuell Offer** méi ze **developpéieren**, mam But besser op d'Bedürfnisser an Interesse vun hiere Kanner kënnen ze reagéieren.

**SUGGESTIOUNEN:** Den Elteren hiere Wonsch ass kloer; **D'Visibilitéit an d'Reklamm fir d'kulturell a sportlech Aktivitéiten** am Quartier muss verbessert ginn.

## OBJEKTIV:

## FRÄIZÄITAKTIVITÉITEN A KULTUR PROMOVÉIEREN

- D'Offer vum kulturellen a sportleche Secteur promovéieren
- Den Accèss vereinfachen
- D'Ouverture vum kulturelle a sportleche Secteur

# GEPLANGTEN / BESTOEND INITIATIVEN

Säit e puer Joer proposéiert d'Stad Esch a sengem Programm **„Youth Sports – Cool Sports"** eng Panoplie u wéchentlechen sportlechen Aktivitéiten déi exklusiv u Jonker am Alter tëschent 12 a 17 Joer adresséiert sinn.

D'Stad Esch huet och de Projet « Sport pour tous » firgestallt an dem eng ganz Rei vu verschiddenen inklusiven Aktivitéiten offréiert ginn. Zousätzlech dozou ginn och annuell sportlech an inklusiv Themewochen organiséiert.

Wärend eng Rei vu Veräiner vun enger grousser Visibilitéit an hirem Renommée profitéieren, hunn anerer Schwieregkeeten op sech opmierksam ze maachen. Fir dem entgéintzewierken huet d'Stad Esch eng Onlineplattform op hirem **Site en Place** gesat, déi et all Bierger erlaabt op iwwersichtlech Art a Weis, **d'Clubben ewéi och d'kulturell a sportlech Offeren** ze entdecken.

